fnel scouts & guides

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

SCOUTING IN LUXEMBOURG

25.05.2022

World Scout Jamboree 2023 KOREA - Luxembourg Contingent Newsletter 3

Léif Guiden a Scouten vu Lëtzebuerg,
Léif Participant'en, Chef an IST,

elo ass et offiziell, mir fueren am August 2023 op den Jamboree a Südkorea. Den 1. Accompte ass bezuelt, an elo ass Zäit fir déi nächst Newsletter a puer méi Detailer.

SCOUTING IN LUXEMBOURG

Norees:

Nom offiziellen Jamboree organiséiert de Lëtzebuerger Contingent eng gemeinsam Norees fir d'Land an d'Kultur besser kennenzeléieren. Dëss Norees ass fakultativ an et muss een sech dofir umellen.
D'Umeldung oder d'Ofmeldung vun der Norees leeft **vum 15. Juni bis den 1. Juli 2022** iwwert folgende Link: https://forms.office.com/r/Q2rjP6qkhr
(d'Ausfëllen vun dëssem Formulaire ass obligatoresch)
Opgepasst, d'Platze si limitéiert – **first come, first served!**

Déi Léit, déi sech am Dezember 2021 bei der provisorescher Umeldung fir d'Norees ugemellt hunn hunn Virrang op eng Platz. Trotzdeem musse si sech um Link hei uewendriwwer umellen **(soss kréie sie och keng Platz).**

D'Norees dauert eng Woch an ass eng Kombinatioun aus schéine Landschaften a Stied, Sightseeing, koreanescher Kultur a lokalem Iessen.
Genau Detailer zum Programm an zu den Ennerkunften kommen no, soubaal alles fix geklärt ass
D'Norees kascht viraussiichtlech **maximal 1250 Euro** – hei sinn de Programm, d'Ennerkunften an d'Iessen inlcus. Mir versichen de Präiss awer nach ze drecken.

Als Rappel: dëst heescht dass de Jamboree mat Norees 3800 Euro, an ouni Norees 2550 Euro kascht.

SCOUTING IN LUXEMBOURG

Covid-19:

Den Coronavirus wäert (leider) och 2023 eist Liewen méi oder wéineger beaflossen. Momentan kann een nach net soen, ob an wéieng Restriktiounen et d'nächst Joer am Summer a Südkorea wäert ginn.
De CMT recommandéiert awer all Participant, Chef an IST sech geint de Covid-19 ze impfen (et ass keng Obligatioun vun onse Seit)
.Jidderee deen wëllt um Jamboree deelhuelen ass selwer dofir verantwortlech mat de Mesuren déi am Juli an August 2023 a Südkorea gëllen konforme ze sinn.
Sollt dir net konforme zu den Regelen sinn, kënnt dir net mam Lëtzebuerger Contingent an Südkorea reesen an dir gitt NET rembourséiert. **Mir machen beim Départ eng Kontroll vun de Covid-Regelen.**

Sollt de Camp wéinst Covid vum Organisateur ofgesot ginn, ginn d'Käschten zum gréissten Deel rembourséiert (mat Ausnam vum 1. Acompte). D'Remboursementer ginn och réicht getätegt wann mir d'Suen vum Organisateur zeréck hunn.

Datenschutzgesetz:

Zu ärer Umeldung um Jamboree zielen d'Uginn vun perséinlechen Donnéeë déi mir natierlech vertraulech behandelen. Fir dem CMT den Accord ze ginn dëss Donnéeë fir intern Zwecker ze benotzen, bieden mir iech d'Conditiounen bei ons um Site ze liesen an dei am Formulaire ze bestätegen, wann dir iech fir d'Norees un- oder ofmellt. Merci.

fnel scouts & guides

Lëtzebuerger Guiden a Scouten

SCOUTING IN LUXEMBOURG

Méi Informatiounen iwwert de Lëtzebuerger Contingent (Team, Kontaktdaten an en FAQ) an den Jamboree 2023 fannt dir ënnert: https://wsj2023.sil.lu

Bei weidere Froen, zéckt net eis ze kontaktéieren ënnert: cmt@wsj2023.sil.lu

Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,

Fir de Lëtzebuerger Contingent,

Pit & Tahr
Heads of Contingent